adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Sou wéi et am Artikel "*Assurances: de bonnes règles oui, mais pas trop*", dee rezent um Blog "Ecorama" publizéiert gouf, heescht, leiden déi lëtzebuergesch Versécherungsgesellschaften an de leschte Joren ëmmer méi staark ënnert enger Iwwerreguléierung, déi prioritär duerch d'Europäesch Unioun forcéiert gëtt. Besonnesch d'Reegele vun der Solvency II, stellen eis Versécherungsgesellschaften viru grouss Erausfuerderungen, well de Reglement sech als inhärent inkohärent presentéiert.

Dëst besonnesch, well de Reglement anscheinend op Basis vu Meldunge vun eenzelen, nationale Finanzopsiichten **automatesch** fir all Memberstaat erweidert gëtt. Des Weideren féiert och d'Verbuet vun der digitaler Datespäicherung ausserhalb vum Terrain vum Groussherzogtum, dat am Kader vun der Reform vum Versécherungsgeheimnis entstanen ass, opgrond vun der geographescher Limitatioun vun eisem Land zu enger Rei Probleemer.

Et sief doriwwer raus awer och dorun erënnert, datt d'Vereenegt Kinnekräich seng nei gewonnen Onofhängegkeet an den nächste Joren héchstwarscheinlech och dozou wäert notzen, fir säi Finanzsecteur vun enger Rei vu Regulatiounen, déi just am Kader vun der EU-Memberschaft entstane sinn, ze befreien, wat eise Secteur viru weider Konkurrenzschwiregkeete wäert stellen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi eng Initiativen huet d'Regierung bis lo ergraff, fir datt Amendementer vum Solvency II Reglement méi punktuell a just am Fall, datt se op déi besonnesch national Situatioun zougeschnidde sinn, mussen appliziéiert ginn? Wéi eng weider Initiative an deem Sënn sinn aktuell geplangt?

2) Wéi eng Initiativen huet d'Regierung bis lo ergraff, fir eng Derogatioun vum uewen zitéierte Dateschutzreglement ze erwierken, an deem Sënn, datt sou Daten och op Serveren am EU-Ausland kënne gelagert ginn, fir de Probleem vum knappen Terrain hei am Land ze vermeiden? Steet d'Regierung hei am Austausch mat de Vertrieder vun anere, klenge Länner, déi méiglecherweis mat änleche Probleemer konfrontéiert sinn? Wéi eng weider Initiativen an deem Sënn sinn aktuell geplangt?

3) Wéi beurteelt d'Regierung d'Chance vun enger Renationaliséierung vun enger Rei vu reglementaresche Kompetenzen, fir datt déi eenzel Länner hir Regulatioun nees kënnen op d'Moos op hir Bedierfnisser zouschneiden, amplaz sech mat verallgemengerten, nationale Contrainte géigesäiteg "Knëppel tëschent d'Been ze geheien"? Wéi steet d'Regierung an deem Sënn zu enger erhéichter Konkurrenz tëschent den eenzele Memberstaaten, fir de Spillraum am Wettsträit ëm déi bescht Léisung ze erweideren, dat och am Hibléck op déi Erausfuerderungen, virun déi eis Groussbritannien a méiglecherweis och aner net EU-Memberstaaten an den nächste Jore wäerte stellen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742